ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
08 AOUT 2019
1043

Lëtzebuerg, den 8. August 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Immigratiounsminister weiderzeleeden

Zënter dem Joer 2015 ass eng grouss Zuel vu Migranten an Europa komm, dovun och vill op Lëtzebuerg. Vill Leit hu jo d'Méiglechkeet fir hir Familljen nokommen ze loossen, besonnesch dann wa si de Statut als BPI kruten.

An dem Zesummenhank wéilt ech dem Här Immigratiounsminister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Leit hunn zënter 2015 vun der Méiglechkeet, hir Familljen nokommen ze loossen, Gebrauch gemaach? Wéi vill Familljemembere sinn zënter 2015 op Lëtzebuerg nokomm, opgedeelt no Nationalitéit, Geschlecht an Alter?
2. Ass et bis elo virkomm, datt e Mann huet kënne méi wéi eng Fra, mat där hien no lokalem Recht a sengem Hierkonftsstaat bestuet ass, nokomme loossen? Huet de Lëtzebuerger Staat, zu iergend engem Zäitpunkt, en Akt gesat, deen, wann och nëmmen an engem Eenzelfall, kéint als eng Unerkennung vun der Polygamie interpretéiert ginn?
3. Am Fall, wou schonn eng oder méi polygam Familljen zu Lëtzebuerg sollte sinn, wat fir eng Ënnerstëtzung kréie si vum Staat? Ginn all d'Fraen ugesinn als legale Partner a gi si eenzel wéi e legale Partner ënnerstëtzt?
4. Wie kënnt fir d'Käschte vun der Familljenzesummeféierung op? Wann dat de Staat ass, wéi vill Suen huet de Staat zënter 2015 ausginn, fir eng Familljenzesummeféierung ze erméiglechen? Mat wéi enge Verkéiersmëttel koumen déi betraffe Familljememberen op Lëtzebuerg?
5. Ass et bis elo virkomm, datt e Mann huet kënnen eng mannerjäreg Frau/Meedchen, mat där hien no lokalem Recht a sengem Hierkonftsstaat bestuet ass, nokomme loossen? Huet de Lëtzebuerger Staat, zu iergend engem Zäitpunkt, en Akt gesat, deen, wann och nëmmen an engem Eenzelfall, kéint als eng Unerkennung vun engem Bestietnes mat enger mannerjäreger Fra/Meedchen interpretéiert ginn?

6. Wéi gedenkt d'Regierung, am Fall, wou nach keng vun deenen zwou problematesche Situatioune (Polygamie, Bestietnes mat Mannerjäregen) sech gestallt huet, dorop ze reagéieren, wann esou Falol géing antreffen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

Luxembourg, le 5 septembre 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
05 SEP. 2019

Le Ministre de l'Immigration et de l'Asile
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Je vous prie de bien vouloir trouver, en annexe, la réponse de Monsieur le Ministre de l'Immigration et de l'Asile à la question parlementaire n° 1043 posée par l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser.

Jean Asselborn

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

**Äntwert vum Här Jean Asselborn, Immigratiounsminister, op d'parlamentaresch Fro Nummer 1043, vum 8. August 2019, vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser**

1) *Wéi vill Leit hunn zënter 2015 der Méiglechkeet, hir Familljen nokommen ze loossen, Gebrauch gemaach? Wéi vill Familljemembere sinn zënter 2015 op Lëtzebuerg nokomm, opgedeelt no Nationalitéit, Geschlecht an Alter?*

Par rapport zu den Ufroen vun Drëttstaatler fir Familljemembere op Lëtzebuerg nokommen ze loossen sinn folgend Unzuel un Autorisation de séjour temporaire zënter 2015 accordéiert ginn:

| Catégorie Titre de séjour regroupant | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 |
|---|---|---|---|---|---|
| Protection internationale | 59 | 176 | 174 | 423 | 363 |
| Activités rémunérées | 926 | 1013 | 1225 | 1404 | 1064 |
| Autres | 174 | 184 | 195 | 200 | 178 |
| **TOTAL** | **1159** | **1373** | **1594** | **2027** | **1605** |

Déi meescht vertrueden Nationalitéiten dorënner sinn Inder, Chinesen an Amerikaner. Ronn 64% sinn Fraen an 36% Männer.

2) *Ass et bis elo virkomm, datt e Mann huet kënne méi wéi eng Fra, mat där hien no lokalem Recht a sengem Hierkonftsstaat bestuet ass, nokomme loossen? Huet de Lëtzebuerger Staat, zu iergend engem Zäitpunkt, en Akt gesat, deen, wann och nëmmen an engem Eenzelfall, kéint als eng Unerkennung vun der Polygamie interpretéiert ginn?*

Den Immigratiounsminister verweist op seng Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nummer 2155 vum 18. Juli 2016.

3) *Am Fall, wou schonn eng oder méi polygam Familljen zu Lëtzebuerg sollte sinn, wat fir eng Ënnerstëtzung kréie si vum Staat? Ginn all d'Fraen ugesinn als legale Partner a gi si eenzel wéi e legale Partner ënnerstëtzt?*

All Persoun déi internationale Schutz zu Lëtzebuerg ufreet, huet en Urecht op d'conditions matérielles d'accueil déi gesetzlech festgeluecht sinn. Fir den zweeten Deel vun der Fro verweist den Immigratiounsminister op seng Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nummer 2155 vum 18. Juli 2016.

4) *Wie kënnt fir d'Käschten vun der Familljenzesummeféierung op? Wann dat de Staat ass, wéi vill Suen huet de Staat zënter 2015 ausginn, fir eng Familljenzesummeféierung ze erméiglechen? Mat wéi enge Verkéiersmëttel koumen déi betraffe Familljememberen op Lëtzebuerg?*

D'Persounen mussen selwer fir d'Käschten vun der Familljenzesummeféierung opkommen.

Den Ausseministère huet keng Informatiounen iwwer d'Transportmëttel mat deenen Persounen op Lëtzebuerg kommen.

5) *Ass et bis elo virkomm, datt e Mann huet kënnen eng mannerjäreg Fra/Meedchen, mat där hien no lokalem Recht a sengem Hierkonftsstaat bestuet ass, nokomme loossen? Huet de Lëtzebuerger Staat, zu iergendengem Zäitpunkt, en Akt gesat, deen, wann och nëmmen an engem Eenzelfall, kéint als eng Unerkennung vun engem Bestietnes mat enger mannerjäreger Fra/Meedchen interpretéiert ginn?*

Am Fall vun engem Bestietnes mat engem Mannerjäregen, refuséiert den Ausseministère dës Demande op Basis vum Artikel 70(2) vum Immigratiounsgesetz vun 2008.

6) Wéi gedenkt d'Regierung, am Fall, wou nach keng vun deenen zwou problematesche Situatioune (Polygamie, Bestietnes mat Mannerjäregen) sech gestallt huet, dorop ze reagéieren, wann esou a Fall géing antreffen?

Den Immigratiounsminister verweist op d'Äntwerten op d'Fro 2 a 5.